N° 6628
Entrée le 15.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Santésministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro n°6628 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser zum Sujet "Réglementation concernant le port d'un Burkini"

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Droe vum Burkini an ëffentleche Schwämmen. Souwäit d'Gemengen als Bedreiwer vu Schwämme betraff sinn, ass ze soen, dass de Gemengerot a senger Kompetenz fir ëffentlech Uerdnung ze suergen, Reglementer kann erloossen, déi ënnert anerem d'Sécherheet an d'Hygiène solle garantéieren. Well d'Droe vun engem Burkini an enger Schwämm weder e Sécherheets- nach en Hygiènesrisiko duerstellt, gëtt et keng objektiv Ursaach, dass eng Gemeng et verbitt.

Et kann een am Kontext vun de Gemengereglementer och guer net vum engem explizitten "Erlabe vum Burkini" schwätzen. Dofir eriwweregen sech d'Äntwerten op d'Froen 2 an 3.

A priori kann een ustiechend Krankheeten net direkt mam bloussen A erkennen, sou dass de Critère vun der Schwammtenue hei net relevant ass.

Lëtzebuerg, den 15/09/2022.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding